

---

## Resoluitioun

---

Op der Assemblée générale vun der Associatioun vun de Sportsproffen de 27. November 2020 gouf folgend Resoluitioun geholl :

Als Vereenegung vun de Sportsproffen...

... weise mer eis besuergt iwwert d'Entwécklung an de leschte Wochen an de beabsichtigte Kompetenzofbau an de Ministère vum Sport a vun der Educatioun duerch déi nei Gesetzprojeten.

... kënne mer et net akzeptéieren, dass d'Fonctioun vum Commissaire du gouvernement à l'Education physique et aux Sports soll massiv entwäert ginn, wéi dat de Gesetzesprojet 7708 virgesäit.

... ënnerstëtze mer den Avis vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics (CHFEP), dee sech manifest géint déi geplangte Verwässerung vun den Nominierungskrittäre stäipt a sech géint d'Ofschafe vun engem Krittär bezüglech dem Fonctionariat wiert.

... fuerdere mer dass d'Nominierungskrittäre fir de Poste vum Sportskommissär, grad ewéi dee vum Direkter vun der ENEPS, net degradéiert solle ginn, fir eng méiglechst héich Qualifikatioun a Kompetenz op deene Poste kënnen ze sécheren.

... si mer der Meenung, dass di néideg universitär Studien am Beräich vu Bewegungserzéiung a Sport eng wichteg Grondvoraussetzung fir dës Poste musse bleiwe fir den Ufuerderungen, déi dës Aufgabe mat sech bréngen, gerecht ze ginn.

... weise mer drop hin, dass de Poste vum Sportskommissär eng wichteg Schlësselpositioun fir de Schoulsport ass a muss bleiwen. D'Bewegungserzéiung (éducation physique) dierf dofir net aus dem Titel an dem Aktiounsfeld vum Sportskommissär gestrach ginn.

... erwaarde mer eis, dass de Sportskommissär och weiderhin eng essentiell Schnëttstell tëscht dem Educatiouns- an dem Sportsministère anhëlt.

... fuerdere mer all d'Acteuren an der Lëtzebuerger Sportswelt op, sech géint di geplangte Reform ze stellen an engem Kompetenzofbau um héchste ministeriellen Niveau fir de Sport entgéintzetrieden.